N°928
Entrée le 05.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, an vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro n°928 vum 25. Juni 2024 vum éierewäerten Deputéierte Marc Goergen iwwert « Exportation de voitures électriques »**

Den honorabelen Deputéierte freet Zuele wéi vill Elektroautoen tëschent 2018 an 2023 kaf, néi ugemellt an exportéiert goufen.

1. **Wéi vill Elektroautoe sinn tëschent 2018 an 2023 (opgelëscht pro Joer) hei am Land kaf ginn?**

Et gi keng Donnéeën erfaasst oder Statistiken erstallt wéi vill Autoen hei am Land kaf ginn. Wat fir d'Primme wichteg ass, ass déi éischt Umeldung vum Gefier zu Lëtzebuerg.

2. **Wéi vill Elektroautoe sinn tëschent 2018 an 2023 (opgelëscht pro Joer) hei am Land immatrikuléiert ginn?**

Laut der SNCA (Société Nationale de Circulation Automobile) goufe säit Ufank 2018 follgend Unzuele vun Elektroautoen hei am Land néi ugemellt.

| Joer | 100% Elektroauto | Plug-in Hybrid | Elektroauto |
|---|---|---|---|
| 2018 | 430 | 713 | 1 143 |
| 2019 | 986 | 913 | 1 899 |
| 2020 | 2 473 | 2 685 | 5 158 |
| 2021 | 4 649 | 4 443 | 9 092 |
| 2022 | 6 391 | 3 847 | 10 238 |
| 2023 | 11 048 | 4 804 | 15 852 |
| 2024* | 5 263 | 1 687 | 6 950 |
| **Total** | **31 240** | **19 092** | **50 332** |

*Januar- Enn Mee 2024

3. **Wéi vill Elektroautoe goufen tëschent 2018 an 2023 hei am Land kaf an am Ausland immatrikuléiert?**

Cf. Äntwert op d'Fro 1.

4. **Wéi vill Elektroautoen goufen tëschent 2018 an 2023 hei am Land immatrikuléiert an duerno an d'Ausland verkaf an immatrikuléiert?**

Vun den insgesamt 31 240 rengen Elektroautoen déi säit 2018 zu Lëtzebuerg néi ugemellt goufen, sinn der säitdeem insgesamt 4 121 ofgemellt an exportéiert ginn. Dës Gefierer waren am Duerchschnëtt bal 2 Joer hei zu Lëtzebuerg ugemellt. 138 vun dësen exportéierten Elektroautoe ware manner wéi 7 Méint hei am Land ugemellt a sinn domadder net eligibel fir eng Primm gewiescht. Weider 191 Gefierer waren nëmmen tëschent 7 an 12 Méint hei am Land ugemellt. Een Deel heivunner ass doduerch warscheinlech och net eligibel fir eng Primm gewiescht. Déi genau Unzuel léist sech iwwert

d'Exportzuelen net genee festleeën, wëll den Datum vun der Ënnerschrëft um Kaf- oder Leasingskontrakt ausschlaggebend ass, wéi laang d'Gefier muss gehale gi fir eligibel fir eng Primm ze sinn. Virum 1. Abrëll 2022 waren dëst 7 Méint an dono 12 Méint.

Well et fir Plug-In Hybride mat Kaf- oder Leasingskontrakter, déi no 2021 ënnerschriwwe goufen, keng Primm méi gëtt an och souwisou nëmme Plug-In Hybride mat 50 g oder manner $CO_2$ Emissioune pro Kilometer eligibel fir eng Primm waren, gouf net ermëttelt wéi vill Plug-In Hybriden an de leschten 5 Joer exportéiert goufen.

D'Regierung huet rezent Ännerunge bei de Primmen annoncéiert. Fir néi Kaf- oder Leasingskontrakter, déi ab dem 1. Oktober 2024 ënnerschriwwe ginn, muss den 100% Elektroauto op mannst 3 Joer vum Demandeur gehale ginn. Do dernieft ass och geplangt, datt 100% Elektroautoen, déi néi zu Lëtzebuerg ugemellt goufen a säit op mannst 3 Joer ugemellt sinn, am Fall vun engem Weiderverkaf hei am Land fir eng zousätzlech Primm eligibel sinn. D'Konditiounen heifir sinn, datt den Auto op mannst weider 2 Joer hei am Land ugemellt bléift an de Verkeefer a Keefer net am selwechte Stot ugemellt sinn. Den entspriechenden Avant-projet de règlement grand-ducal gouf den 19. Juni 2024 vum Regierungsrot gutt geheescht. Dës 2 Mesurë sollen dozou bäidroen, datt 100% Elektroautoe méi laang hei am Land gehale ginn, den Occasiounsmaart fir Elektroautoe gefërdert gëtt an doduerch d'Elektrifizéierung vum Fuerpark weider zouhëlt.

Lëtzebuerg, den 1. August 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes